



**D**'Kart Nr. 11
De Frontverlaf vum 18. an 19. Dezember 1944

Duurch d'Bombardementer sin 19 Beforter direkt oder un de Suiten dovun ëm d'Liewe komm. Well Befort zwëschen denen zwou Fronte loug, si Lett an Haiser och vun dene béide Säite getraff gin.

## D'Geisele vu Befort

An déi Onglécksdeg vu Befort fällt och d'Festhuele vu 37 Männer a Jongen hei zu Befort. Nomëttes huelen d'Preisen déi 37 Mann, déi si als Geisele geholl haten, a féiere se ënner staarker Bewaachong an d'Kiirch, wou si am lénke Säiteschöff bei batterer Keelt iwwer Nuecht bleiwe sollten.

D'Bombardementer waren awer sou staark, datt Preise selwer Aangst kritt hun a si vis-à-vis vun der Kiirch am deemolegen Haus Goebel (elo Haus Post) am Keller agespaart hun. Kee konnt entkommen.

Et waren nach aner Gruppe vu Männer am Alter vun 18-45 Jar festgeholl gin, si gouwen awer wéint deem starke Feier sech selwer iwwerlooss a konnten esou trotz de Granatsplitter fortlafen.

Déi 37 am Keller gouwe vu 6 SS-Lett verhéiert, well déi der Mänong waren, si hätten eppes mat Spionage ze don, oder si kënnten hinne geféierlech gin.

D'Lëst vun de 37 Geiselen:

| | | | |
|---|---|---|---|
| ADAM JACQUES, | Befort | KIEFFER ALFRED, | Déiljen |
| BOEVER AUGUST, | Befort | KNAF MICH., | Befort |
| CONTER NIC., | Befort | KNAF JOS., | Befort |
| CRUCHTEN PAUL, | Befort | KNAF NICOLAS, | Befort |
| CRUCHTEN VICTOR, | Befort | LENERT EUGÈNE, | Befort |
| DEMUTH HENRI, | Befort | LENERT MATHIAS, | Schedheck |
| DOSTERT JACQUES, | Befort | LORENZ VICTOR, | Iechternach |
| DOSTERT PIERRE, | Befort | MAILLET ALBERT, | Bigelbaach |
| FELTEN PIERRE, | Befort | MEYER MATHIAS, | Befort |
| FISCH PIERRE, | Befort | MOLITOR MATHIAS, | Befort |
| FLAMMANG JOS., | Iechternach | REIS PIERRE, | Déiljen |
| FLAMMANG NIC., | Befort | RIES MICH., | Befort |
| FRISCH MICH., | Befort | SCHMARTZ MICH., | Befort |
| FRISCH PIERRE, | Befort | SCHMITZ MICH., | Befort |
| FRISCH HUBERT, | Befort | SCHOLTES MARCEL, | Befort |
| FRISCH EMILE, | Befort | SCHULLER J. P., | Befort |
| HALSDORF NIC., | Befort | SIMON-PEIFFER METT, | Befort |
| JOHANNS THED, | Befort | WINANDY HENRI, | Befort |
| KIEFFER JOS., | Déiljen | | |

### 24. Dezember 1944

Sonndes de 24. Dezember (Hellegowend) gin déi 37 Geiselen am Laf vum Virmëtteg a Richtong Däitschland ofgefouert: Grondhaff Bollenduerf Wittlich Hinzert.

Bei grousser Keelt, minus 10 Grad, sin si zu Fouss iwwer d'Bollenduerfer Bréck ënner starker Bewaachong an d'Preiseland gaangen.

Zu Bollenduerf hun si iwwernuecht a gin deen Dag drop zu Fouss iwwer Ferschweiler, Prüm zur Lay op Ittel, wou si an enger Schräinerei iwwernuecht hun. Daags duerno, op Camiône verlueden, sin si op Wittlich an de Prisong bruecht gin. Et sin der 6 dogehale gin, en







**D**'Haus Georges-Schmitz, Montée du château Nr. 8

anere Grupp gät virun op Zeltingen un der Musel an as do engem strenge Verhéier duurch SS ënnerzuge gin.

En drëtte Grupp gung op Hinzert a vun do zu Fouss op Lauterbach-Fulda déi Säit vum Rhäin. An dem Grupp war och den Hubert Frisch, deen duurch Keelt a Krankhät an un de Suite vun de Strapaze gestuerwen as.

Déi Zeltinger koumen Enn Mäerz doheem un. Ee vun hinnen, den August Boever, as kuurz, nodeems si doheem waren, am Spidol gestuerwen. Si all hate vill matgemaach, hun Honger a Keelt gelidden.

### 25. Dezember 1944
Krëstdag

Befort kréit an engem Stéck Artilleriebeschoss vun den Amerikaner. D'Granaten explodéiere mat den Honnerten. D'Preise kënnen hir Stellonge nët méi halen a setzen sich virun Hallefnuecht a Richtong "Heimat" of. Déi lest vun hinne schläichen sech an der Nuecht fort.

FRISCH Hubert



### 26. Dezember 1944

Muerges géint 4 Auer kommen déi ischt Amerikaner vun Haler erfort eran a Befort.

Ëm 8 Auer as Befort erëm (fër d'zwät) liberéiert. Vill Preise gin nach gefaange geholl an d'Amerikaner kontrolléieren d'ganzt Duerf.

An dach sollt nach nët alles eriwwer sin. An der Nuecht vum 31. Dezember op den 1. Januar 1945 kréit Befort erëm Beschoss vun de Preisen mat Nebelwerfer. Op en neis gruusse Schued. Mënsche stierwen, an Haiser gin zerstéiert.